

## Evangelium vum 3. Adventssondeg (Joer A)

### Mt 11,2-11

<sup>2</sup> De Johannes hat am Prisong vum Christus senge Wierker héieren.  
Duerfir huet hien seng Jünger dohi geschéckt,

<sup>3</sup> fir hien ze froen: "Bass du deen, dee komme soll,  
oder solle mir op en anere waarden?"

<sup>4</sup> De Jesus huet hinne geäntwert:  
"Gitt hin an erzielt dem Johannes, wat dir héiert a gesitt:

<sup>5</sup> Déi Blann gesinn nees,  
an déi Schlamm kënnen erëm goen;  
déi Aussätzeg gi gerengegt,  
an déi Daf héieren op en Neis;  
déi Doudeg ginn erwächt,  
an deenen Aarme gëtt eng gutt Noriicht verkënnegt.

<sup>6</sup> A glécklech ass dann deen, deen u mir keen Ustouss hält."

<sup>7</sup> Wéi dem Johannes seng Jünger fort waren,  
huet de Jesus ugefaang, mat de Leit iwwer hien ze schwätzen.

Hie sot:

"Wat wollt dir iech ukucken, wéi dir an d'Wüüst erausgaang sidd?  
En Hallem, dee vum Wand hin an hier geblose gëtt?"

<sup>8</sup> Oder wat wollt dir gesinn, wéi dir erausgaang sidd?  
E Mënsch, deen a Seid a Samett gekleet ass?  
Kuckt, Leit, déi a Seid a Samett gekleet sinn,  
déi sinn an de Kinnekshaiser.

<sup>9</sup> Oder wat wollt dir gesinn, wéi dir erausgaang sidd?  
E Prophét?

Jo, ech soen iech, esouguer méi wéi e Prophét.

<sup>10</sup> De Johannes ass et, iwwer dee geschriwwe steet:

*Kuck, ech schécke mäi Buet virun dir hier:*

*Hie geet virun dir a bereet däi Wee vir.<sup>i</sup>*

<sup>11</sup> Amen, ech soen iech:

Vun all deenen, déi jee vun enger Fra gebuer goufen,  
ass kee méi grouss wéi de Johannes den Deefer –  
an dach ass dee Klengsten am Himmelräich méi grouss wéi hien."

---

<sup>i</sup> Ex 23,20; Mal 3,1.